



(Photo: Serge Waldbillig)

Prinz Guillaume empfing die Teilnehmer der Island-Expedition im Rahmen des „Mérite Jeunesse“

In seiner Eigenschaft als Präsident des „Mérite Jeunesse“ empfing Prinz Guillaume 20 Jugendliche, die während einer Woche einer Expedition durch Island angeteilt haben.

Diese Expedition auf Islandpferden zählt für die Erlangung des „Mérite Jeunesse“ und wurde im Rahmen des „Jugend für Europa“-Programms der Europäischen Union durchgeführt.

Im August 1998 wird eine isländische Jugendgruppe von der Vereinigung „Ungmennafélag Islands“ (Jugendzentren) zu einem Gegenbesuch nach Luxemburg kommen.



(Photo: Aloyse Kieffer)

Luxemburg-Reckenthal Das schöne Fest der goldenen Hochzeit feierte vor kurzem das Ehepaar Back-Reckel aus Luxemburg-Reckenthal. Camille Back kam am 14. September 1922 in Hassel zur Welt, Justine Reckel wurde am 30. Mai 1923 in Alzingen geboren. Den Bund fürs Leben schlossen die beiden am 7. Februar 1948 in Hesperingen. Ein Kind ging aus der Ehegemeinschaft hervor. Heute sind zwei Enkelkinder der Stolz der Großeltern. In der Résidence Monplaisir in Bad Mondorf wurde das Familienfest würdig begangen.

Manifestations

Meenuecht mat den Challengers 30. Abrëll zu Eil Org.: CDJ Eil

Haut den Owend BABY CHAM'S zu Mamer

Meebal Hiefenech den 30. Abrëll 1998 mat High-Tech 3 Firprogramm: Olli's Pink Affair

Samschdes, 25.4.98 Challengers zu Esch/Uelzecht um Galgebierg

Biekerech. - Gesangswend. Haut Samschdeg, de 25. Abrëll, sangen am „Centre culturel“ zu Biekerech d'Chorale „Ste-Cecile“ vu Biekerech an d'Chorale „A Travers Chants“ aus dem Val d'Attert (B) Um Piano as d'Josef Faltz-Wilmes an d'Direktioun huet de Paul Rouard. Ufank: 20.15 Auer. Org.: d'Chorale vu Biekerech. 496995

BABY CHAM'S Haut zu Mamer

25. Abrëll 1998 WHY NOT IERPELDÉNG (Ettelbréck)

Mäertert/Waasserbelleg. D'Spiller vun der Union Mäertert-Waasserbelleg invitéieren op hire Spillerbal en Donneschdeg, den 30. Abrëll, am Café „Am Kundel“ zu Mäertert. Musek a Stimmung mam Disco's Heng. 491297

I. Mée-Bal mat Pützafaba an mam Orchester The 2 Big Weini? Wou? I. Mee ab 21.00 Auer am Veräinssall zu Nacher

Donneschdeg, den 30. Abrëll 1998 DISCOVERY zu Miedernach an der Hal Org.: FC Blo-Wäiss

Roudemer 1. Mee LIFE STYLE Stengefort

Hokt den Owend Bal zu Uewerwampich am neien Zelt mat Discovery

Bous. - D'Pompjee vu Bus-Rouleng-Aassel invitéieren Aech op hire Freijohrsbal samschdes, den 2. Mee am Pompjesbau Den Orch. Serge + Guy suert fir gutt Stimmung. Flott Tombola. 496706

Buurschent. - Spretze-Bal de 25. Abrëll zu Buurschent beim „Leo“ Orchester The Friends (Marco Rech) Org.: Pompjee vu Buurschent. 495634

CHALLENGERS zu KEESPELT den 2. Mee um Fréijorsbal

Noojhem. - D'Musik invitéiert op hire Kirmesconcert a Sondig, de 26. Abrëll um 15.30 Auer am Festsall. Den Entrée as frei. Org.: Musek vun Noojhem. Gesellschaft ouni Gewennzweck. 496963

Samsdeg, de 25. Abrëll an der Scheier zu Contern Bal Orchester: Reflex AB Contern Supporterclub

Hesper. - Hexennuecht en Donneschdeg, den 30. Abrëll, Orchester „Bläifrai“. Frai Nuecht. Org.: Keleraber Hesper. 493762

haut den Owend MUSEK aus de 70er an 80er Joer JUMP BACK PARTY zu Luerenzweiler

Haut HÜTTENPARTY zu Greiweldéng am Centre culturel

Fréijorsbal mat WALLSTREET zu HENGISCHT den 2. Mee 1998 Org.: Musik van Hengischt

1. MEE DISASTER zu HEPERDANG

Seppel-Bal haut zu Cruchten mam Orch. „The Troublemakers“ Org.: Club des Jeunes, Cruchten

FLOH*MARKT Marché aux Pûces-Brocante Sa./So. 25./26.4. KONZ bei Trier Rathausplatz/Innenstadt So. 26.4. Wittlich, am Extra-Markt Entrée frei/Entrée libre ☎ 0049-211-928280

Rittitty's Bal Samschdeg, de 25. Abrëll zu Bartréng an der Hal Polyvalent Surprise Show Org. Club des Jeunes Bartréng

«Best Of» Fascination den 30. Abrëll zu Dummeldéng

Eng KLACK fir eis SPROOCH

„Schreibreform endgültig vor dem Aus“

Dat konnt een an dësen Deg an deer seriöser däitscher Press liesen. Et as natierlech e ganzen decken Hummer, wann ee bedenkt, wéivill Schäm, Radau a Kaméidi iwwer déi nei däitsch Schreifweis ewell geschloe gin as ... an och, wéi mir hei plazeweis mat vrund de Won gelaf sin. Mir hun als nët-offiziell däitschsproocheg Land (wéi Däitschland, déi däitschsproocheg Schwäiz an Eistreich) guer a glat näischt an denen Diskussiounen ze sichen; dat iwwegens och nach aus aneren Ursachen (cf. 10. Okt. 1941). Well mir ower an eise Schoulen, an der Press oder soss deelweis offiziell mam Däitschen ze din hun, kann et äis natierlech och nët egal sin ... emol kucken.

An dëser Saach gesäit een alt erëm eng Keier, wéi et geet, wann een eppes fir „ënnert d'Leit“ mecht, an d'Leit sin engem am Fong zimlech egal. Bei deer „Reform“ vun der däitscher Orthographie hun Dosen-de vu Wëssenschaftler jorelaang un engem Gappchen-ee gebréit; déi Wëssenschaftler waren natierlech „Linguisten“, wat nët mat Linguisten ze verwieselen as; mä Linguiste sin nun emol d'meescht keng Leit vun der Praxis, mä vun der Theorie ... an eng Schreifweis as ganz bestëmmt nët nimmer eng Saach vun Theorie a Logik, mä vu Praxis, vun allem vu Gewonnecht. Wann déi Wëssenschaftler doiwir sech un Ufank un d'Press an d'Schoulpraktik mat un den Dësch geholl hätten, da wir déi Katastroph nët virkomm, vrund deer si elo stin; mä och „gutt Käpp“ kënne Klatzkäpp sin.

Well eis lëtzebuergesch Schreifweis sech, logescherweis duerch eis Schréftgewonnechten, och op déi däitsch Orthographie stäipt, as et natierlech an deem Sënn interessant, fir ze kucken, wéi d'Saach „déi Sait“ ausget. Et fret ee sech wirklech, firwat „si“ nët stéckelcheweis mat hirer Reform komm sin, z. B. d'Grouss-Schreiwene nimm an Ufank um Saz a bei Nimm ageféiert an dee krommenolegen „ß“ radikal op d'Schéff geschéck hätt (deen d'Schwäizer ewell laang nët méi gebrauchen, an deen et am Lëtzebuergesch och nët gët). Stellt iech emol vir, wat e „Gewulls“ dat elo do gët, wat e Milliardekäschtespill ... a vrund allem, watfir eng freeschlech Onsecherheet bei de Kanner. Moie „Wëssenschaft“!

Mir hate vru 50 Joer esou eng Schreifweiskniwwelerei mam Lëtzebuergesch. Do sollt dann alles, wat op e Kilometer no Däitsch ausgesin huet, aus eiser Orthographie verschwannen; de gudder Professor Feltes huet sech och drugin ... ower hien as op englesch-franséische Bananneschuelen ausgerëscht ... vläicht erinneren sech der nach un dat koppeg, „Sheisbugh“ aus der Arméi ... a well een esou villes mat Lächerlechkeit kann doutmaachen, war déi Schreifweiser begreuen.

Mir kruten em 1950 eng nei Orthographie, déi iwwegens fir de Fong guer nët esou fonkelnoolsnei war; déi offiziell Dictionnaire-Commissioun as op deen normale Wee gaang, deen eis Schreifgewonnechte ganz wäit respektéiert huet. Wa „si“ och nach direkt domat an d'Schoulen an ënnert d'Vollek „probiere“ gaang wiren, dann hätte si dat klengt Geknätzels och nach erauskritt, un deem mir haut nach heiansdo knaen. Mä dat geet och nach an d'Rei ... mat éierlech Wëll op alle Saiten ... mat Praxis an ouni zevill e sprocke wëssenschaftleche Réckstrank.

Lex Roth

ACTIOUN LËTZEBUGESCH EIS SPROOCH

Adressen: Breedewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg Postkëscht 98 L-2010 Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89

Cotisatioun/Mëmber: 500 Frang d'Jor

Postcheck: 6644-48



Redaktioun vun dëser KLACK:

Lex Roth, Paul Wilmes, Roby Zenner an de Comité vun der Actioun - Lëtzebuergesch Nächst Klack (43): 30. Mee 1998

de Professor Jos. HESS

Vru genee 25 Joer as e Mann an d'Eiwegkeet gaang, deem eist Land, séng Vollekkultur a séng Sprooch e ganz décke Koup ze verdanken hun. Eis „eeler Generatioun“ erënnert sech nach um Professor Hess séng Radiosmissionen, déi hie jorelaang um „UKW-Kanal 18“ iwwer Land a Leit gemaach huet. Hei soll emol daitlech gesot sin, dat de Chefredakter vun deemools, den Här Nic. Weber, e droums (an intelligent) Häerz fir vill Leit hat, déi am Sënn vun eiser Identitéit eppes ze soen an ze verzielen haten.

Den Här Hess (de „Bulli“, wéi séng Studenttercher hien ouni Bousecht genannt hun) huet sech besonnesch em eis al Gebräicher bekëmmert, a séng Publikatiounen, apaart „Altluxemburger Denkwürdigkeiten“, hun nach haut a ville Bibliothéiken eng Eiereplaz als Beroder. Hien huet (och als President) iwwer 60 Joer um Dictionnaire vun eiser Sprooch matgeschafft, a selwer 1946 (!) e ganz interessant Bichelchen iwwer eis Sprooch erausgin („die Sprache der Luxemburger“), dat an der Normalschoul um Programm war ... och wann am Fong keen et fäerdigbruecht huet, äis jonke Lëmmelen d'Äe richtig dofir opzemaachen.

Fir all déi, déi um Radio oder op der Televisioun eis Sprooch, d'Wëssen iwwer d'Land a séng Leit als „Handwerksgerod“ brauchen, sin déi fenne Bänn um Jos. Hess séng Emissionen „Bei äis doheim“ eng richtig „Bitzkesch“, grad ewéi dem Evy Friedrich séng fenne Bänn mat de „Kalennerbieder“. Nach eng Keier: ouni den Nic. Weber wir all dat an de Vergies geroden. An dofir war d'Eiereplack vun der Actioun-Lëtzebuerg fir de Wesch Nic. eng gold (selwer) richtig Saach! P.W.

de "participe présent"

Eng vun de Knätzelen an eiser Sprooch as mat Sécherheit déi, dat een emmer erëm sou vill Forme vun Partizip Präsens héiert. All Keier dann, wann en op deer falscher Plaz oder iwwerhaapt falsch gebräucht gët, mengt een, d'Quere gingen engem vun Kapp falen. Am Fong kennt eis Sprooch de „participe présent“ bis op e puer Beispiller („kache Waasser“) guer nët.

Do geet da nets vun engem „em sech graifenden Hurrikan“, vun engem aus allen Néit „platzende“ Sall, vun engem nët emmer grad sou „ausféierender“ Staatsinstanz, vun engem nët „iwwerleender“ einfach sou drop schwätzender“ Gewerkschaft.

Bravo, René KARTHEISER!

Datt ewell villes aus allmëgleche Sproochen an d'Lëtzebuergesch iwwersat oder erageholl gin as, dat wësse mir zënter dem Dicks, dem Lentz a vrund allem deer genialer Adaptioun vun Goethe séngem „Reinecke Fuchs“ mam Rodange séngem Renert.

Besonnesch vill Theaterstécker sin och aus anere Sproochen an d'Lëtzebuergesch an op d'Bühn gesat gin, leider nach laang nët emmer an deer Qualität, wéi mir dat z. B. vum Marcel Reuland oder dem Tit Schroeder hier kennen. Wien an deem Strech wellt schaffen, dee soll sech emol bei gutt Iwwersetzer e „Middel“ siche goen! Plazeweis gin Aremséilegketen „Iwwersetzung“ genannt, déi sprochemëssig besser do bliwwe wire wou si waren. Och hei geet et nët duer, fir et „gutt ze mengen“; a wann een et nët kann, da fënn et kéipweis Material fir ze léieren. Besser eng éierbar Iwwersetzung wéi e miserabelt Original ... mä besser guer näischt wéi eng „Iwwersetzung“, déi alles mä kee Lëtzebuergesch as! Leider gët och nach dacks den Numm vun Originalauteur vun dene bluttaarmen „Iwwersetzer“ ënnerschloen ... am Fong eng Gemengheet.

Eise Frënd René Kartheiser huet eiser Sprooch elo am emgedréinte Sënn eng grouss Eier gemaach: säi



Déi russesch Editioun (5 000 Expl.) vun René Kartheiser sénger Déieregeschicht „Rick“, déi de russesche Kënschtler Wladimir Bisengaliew als grouss Meeschter illustriert huet.

„Rick“ as vrund engem Mount op ... Russesch zu Moskau virgestallt gin! Wien hätt sech dat vrund 18 Joer gedreemt, wéi d'Actioun-Lëtzebuergesch dem René séng formidabel schéin a gutt geschriwwe Geschicht vum „Huer vun Stauséi“ fir d'Éischt un déi ganz grouss Klack gehaang huet! Zu Honnerten an Honnerten as déi kleng Déieregeschicht (24 Saiten) an d'Schoule gaang an do „verschafft“ gin. Et as dofir nët bei der éischer Oplo bliwwe. Als Actioun-Lëtzebuergesch si mir mat all eise Mëmberen haut

apaart houfreg, dat ee vun eisen „Haus-Auteuren“ esou eng Eier an engem Land an engem Sprooch kritt huet, wou ee roueg ka soen, dat et deer welt-genialer Schréftsteller „an der Bäkeschdose“ gët.

Leider schwieft dem René Kartheiser séng lyresch Prosa an hirer Qualität esou roueg a majestéitesch iwwer engem „Stau“ vu vill manner Guddem, dat ee sech géng wënschen, hie gif séng 72 Joer vergiesen, an äis nach vill Freed mat séngem Talent maachen! AL

de Raymond SCHAACK...

huet an de leschte puer Joer e „Saz“ an eiser Sprooch gemaach, iwwer deen een nimm pall ka sin: Matiwersetzer vun de „Psalmen op Lëtzebuergesch“; „Eislecker Erënnerungen“; „Stadter Stebs“ ... an elo „Verwonsche Welten“. Hien

as de gebuere Sproochemann a ka verzielt wéi eng Gabberjoul. Dat fléisst, dat glückt a bibbert, an dat liest sech ewéi „Zitz“ ... dat muss ee kennen, oder op d'mannst kennelieren. A séngem leschte Buch (Verwonsche Welten) begëine mir

engem Schreiwert, deen an eiser Sprooch e ganz neie Wee geet, beim Liesen denkt et sech un de Charles Dickens ... an esouguer un den Edgar A. Poe ... kaaft iech et, oder loost iech et schenken. Dir bereit et op kee Fall! P.W.

MËMBER bei „äis“ - dat git Dir mat 500 Frang - domat hëllef Dir eiser Sprooch an der KLACK - de Postcheck: 6644-48